# NEWSLETTER LU

## „Kaf lokal an denger Nordstad“ 2025/11

D'Nordstad organiséiert eng 6. Aktioun vum Gewënnspill „Kaf lokal an denger Nordstad“!

Dofir verspillt d'Nordstad vum **17. November 2025 bis den 11. Januar 2026** nees Akafsbongen am **Gesamtwäert vu 5.000 €**. D'Gewënner ginn an der Woch vum **12. Januar 2026** ausgeloust a vun der Nordstad kontaktéiert.

**1. - 5. Präis: 500 €** an Akafsbongen

**6. - 10. Präis: 300 €** an Akafsbongen

**11. - 20. Präis: 100 €** an Akafsbongen

## Wat muss de Client maache fir matzemaachen?

Fir matzemaachen muss de Client just **5** mol lokal akafen.

Fir all Akaf an enger vun de 4 Nordstad Gemenge kritt een **1 klenge #kaflokal Sticker**, deen op d'Nordstad Fidelitéitskaart gepecht gëtt. Dës kritt een an den deelhuelende Geschäfter.

**Wann 5 Stickere gesammelt goufen**, muss just nach d'Fidelitéitskaart hannendrop ausgefëllt an un d'Nordstad zréckgeschéckt ginn. Et kann ee se **och** an enger vun de 4 Gemengen (Ettelbréck, Dikrich, Ierpeldeng-Sauer, Schieren) zu den Ëffnungszäiten ofginn **oder** an d'Bréifboîte vun der Nordstad op der Adress 20, rue Fridhaff L-9148 Erpeldange-sur-Sûre ageheien. Dëst bis **spéitstens den 11. Januar 2026**.

## Wat mussen d'Geschäfter maache fir bei der Aktioun gratis derbäi ze sinn?

- Dir sidd een Eenzelhandel (keng Akafszentren, kee Supermarché).
- Dir musst iech bis den **12. Oktober 2025** iwwert des E-Mail umellen: commerces@nordstad.lu
- Wann dir nach kee **#kaflokal Pechbild** kritt hutt fir op är Vitrinn ze pechen, dann deelt eis dat mat a mir bréngen iech der laanscht. Esou gesäit de Client dat dir beim Gewënnspill matmaacht.
- Dir kritt vun der Nordstad **kleng #kaflokal Sticker** déi dir äre Client'en pro Akaf a pro Persoun mat gitt an dat vum **17. November 2025 bis den 11. Januar 2026**.
- Dir kritt och eng **„Checklist“** mat de wichtegsten Informatiounen, déi dir fir äert Personal bei d'Keess leeë kënnt.

- Déi Client'en déi gewannen, kréie vun der Nordstad **Akafsbongen** am Wäert vu **50 € pro Bong**, déi da bei iech am Geschäft vum **19. Januar bis den 21. Mäerz 2026** ageléist kënne gi.
- Et gëtt **kee Wiesselgeld**, wann de Client fir manner wéi d'Valeur vum Bong akeeft.
- All Akafsbong deen dir unhuelt, kritt dir vun der Nordstad rembourséiert. Dofir musst dir d'Akafsbongen déi bei iech ageléist goufen **zesumme mat enger Rechnung mam Gesamtwäert vun de Bonge** bis de **3. Abrëll 2026** un d'Nordstad zeréckschécken, oder an eis Boîte geheien.

Déi ganz Aktioun gëtt iwwert den Hex Magasinn (Wanter Ausgab) an op de sozialen Netzwierker vun der Nordstad promouvéiert an dat mat der Ënnerstëtzung vun den Nordstadgemengen.

**Merci fir ären Interessi a mellt iech mat Zäit un.**

Är NORDSTAD

**Bonne chance!**

<u>Organisatioun</u>

D'Nordstad an Zesummenaarbecht mat de 4 Nordstadgemengen an den unions commerciales vun Dikrich an Ettelbréck.

<u>Adress</u>

Syndicat Intercommunal Nordstad
20, rue Fridhaff
L-9148 Erpeldange-sur-Sûre

commerces@nordstad.lu
Tel.: 28 70 75 - 310

## Fidelitéitskaart




## Akafsbong



# NEWSLETTER FR

## « Kaf lokal an denger Nordstad » 2025/11

La Nordstad organise une sixième édition du jeu concours « Kaf lokal an denger Nordstad » !

Le jeu concours aura lieu du **17 novembre 2025 jusqu'au 11 janvier 2026.** Les gagnants des chèques-cadeaux d'une somme **totale de 5.000 €** seront tirés au sort dans la semaine du **12 janvier 2026** et contactés par la Nordstad.

**1er - 5ème prix : 500 €** en bons d'achat

**6ème - 10ème prix : 300 €** en bons d'achat

**11ème - 20ème prix : 100 €** en bons d'achat

## Comment peuvent participer les clients ?

Pour participer, le client n'a qu'à effectuer **5 achats** locaux.

Pour chaque achat dans une des 4 communes de la Nordstad, le client reçoit **1 petit autocollant #kaflokal**, qui doit être collé sur la carte de fidélité. Les cartes de fidélité sont disponibles dans les magasins participants.

**Lorsque les 5 autocollants ont été collectionnés**, la carte de fidélité doit être envoyée par voie postale à la Nordstad **ou** doit être déposée auprès d'une des 4 administrations communales, pendant les heures d'ouverture (Ettelbruck, Erpeldange-sur-Sûre, Diekirch, Schieren) **ou** dans la boîte aux lettres des bureaux de la Nordstad. 20, rue Fridhaff L-9148 Erpeldange-sur-Sûre. Ceci **jusqu'au 11 janvier 2026** au plus tard !

## Comment peuvent participer les magasins ?

- Cette campagne vise les commerces de détail (les grandes surfaces et les supermarchés sont exclus).
- L'inscription doit être faite via email à l'adresse suivante : commerces@nordstad.lu jusqu'au **12 octobre 2025**.
- Chaque commerce participant recevra des **petits autocollants #kaflokal** qui seront à donner au client par chaque achat, et ceci du **17 novembre 2025 jusqu'au 11 janvier 2026**.

- Si vous n’avez pas encore reçu le visuel #kaflokal pour coller sur votre vitrine, faites nous signe. Cet autocollant permet de signaliser aux clients que vous participez é l’action « Kaf lokal ».
- Vous recevrez également une **« Checklist »** avec les informations les plus importantes de l’action **« Kaf lokal »**, que vous pouvez mettre à disposition du personnel de votre magasin.
- Les gagnants recevront leur prix en **bons d’achat d’une valeur de 50 € chacun**, qui pourront être échangés dans les commerces participants du **19 janvier jusqu’au 21 mars 2026**.
- Si la valeur d’achat est en-dessous de la valeur du chèque-cadeau, le commerce **ne rends pas** la monnaie au client.
- Les bons d’achat encaissés sont à renvoyer à la Nordstad ou à déposer dans la boîte aux lettres de la Nordstad, **accompagnés d’une facture avec la valeur totale des bons**, jusqu’au **3 avril 2026** au plus tard.

L’action « Kaf lokal » sera présentée dans le magazine Hex (édition hiver) ainsi que dans les réseaux sociaux de la Nordstad et est soutenue par les administrations communales de la Nordstad.

**Merci de votre intérêt et pensez à vous inscrire dans les délais prévus.**

Votre NORDSTAD

**Bonne chance !**

Organisation

Nordstad en coopération avec les 4 communes de la Nordstad et les unions commerciales de Diekirch et d’Ettelbruck.

Adresse

Syndicat Intercommunal Nordstad
20, rue Fridhaff
L-9148 Erpeldange-sur-Sûre

commerces@nordstad.lu
Tel.: 28 70 75 - 310

## Carte de fidelité




## Bon d'achat

